

Kéier gekläert hätt, wéi mer dat sollen zesummen an Zukunft ugoen.

An da soen ech och nach zum Schluss, datt dat net ëmmer esou einfach ass, déi Saa-chen erauszewielen. Et ass virdrun iwwert de Brouilleur geschwat ginn. Et kann een dat elo einfach hei an engem Saz soen: Mä dat ass eng ganz schwiereg technesch Fro, fir dee richtege System erauszewielen, esou datt en honnertprozenteg am Prisong fonctionnéiert an awer guer keng Influenz huet op dat, wat zu Schraasseg an an de Gemenge ronderëm ass. Ech hoffen, datt mer elo déi richtig technesch Léisung hunn, fir datt dat klappt.

An datselwecht - hunn ech virdu gesot - ass bei de Kameraen de Fall. Dat ass och en extrem techneschen Dossier, wou ee muss ganz genau wëssen, wéi dat soll aus- gesinn, wou ee se opriicht, mat wat fir engem System ee se opriicht, wou ee se kontrolléiert, wou een d'Leitunge leet, fir datt se net ufälleg sinn, an esou weider, an dofir brauch een eng ganz genau Descriptioun. Et geet also net hei nëmmen drëm, just innerhalb vun zwou Wochen e puer Ka-meraen opzehänken. Et ass eng ganz aner Technicitéit vum Problem, déi hei besteet.

Ech denken och hei, datt no laangen Aar-bechten, déi gemaach gi sinn, de Cahier des charges elo esou ass, datt mer kom-plett sinn, an datt mer elo do e System hunn, dee performant ass. Och dat huet awer vill Zäit gebraucht.

» **M. le Président.** - Här Minister, den Här Bettel wëllt lech eng Fro stellen.

» **M. Xavier Bettel (DP).** - Ech wollt just froen, ob de Minister mer kéint confir-méieren oder op jidde Fall d'Informatioun emol soen, ob hie mam Här Justizminister gekuckt huet, fir dass d'Personal och eng Formatioun kritt, fir mat deem neie Material ëmzagoen, well si hunn elo zum Beispill eng Maschinn, fir Drogen ze fannen, mä et weess keen, wéi se geet.

Dowéinst, et ass gutt, dass mer Maschin-nen am Budget stëmmen, mä et wier awer och gutt, d'Personal ze forméieren, fir ganz genau ze wëssen, wéi dat Ganzt fonc-tionnéiert.

» **M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.** - Et ass evident, datt, wa mer Installatiounen maachen, och de Leit muss gewise ginn, wéi se mat den Instal-latiounen ëmginn. Ënner wat fir enger Form dat elo hei wäert gemaach ginn, dat kann ech zu dësem Moment net soen, mä dat schéngt mer déi logesch Suite vun der In-stallatioun vun neien technesche Moyenen ze sinn.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister Wiseler. Den Här Justizminister Luc Frieden huet d'Wuert gefrot.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Jo, Här President, wann Der erlaabt, géif ech just gären zousätzlech zum Kolleeg Bauteminister e puer Punkten opzielen.

Ech hat an deene Joren, wou ech zou-stänneg si fir de Strofzuch, am Fong dräi grouss Ziler an deem dote Beräich. Dat éischt war, méi Plaz ze schafe fir déi wues-send Zuel vu Gefaangenen. Dat zweet war e besseren Encadrement vun de Gefaan-genen ze kréien. An dat drëtt eng besser Sécherheet, dat heescht d'Sécherheet ëmmer ze adaptéieren un nei Erkenntnisser, sief et duerch Evénementer am Ausland, sief et einfach duerch nei Technologien. An ech muss am Fong soen, datt ech déi dräi Ziler erreecht hunn.

Éischstens, méi Plaz. Wéi ech ugefaangen hunn als Justizminister, hate mer ronn 460 Plazen zu Schraasseg. Mir hunn eng Ex-tensioun vu Schraasseg gemaach. Mir hunn haut 600 Plazen. Leider ass an deene leschten dräi, véier Joer d'Zuel vun de Ge-faangenen déck eropgaangen, esou datt mer elo erëm zousätzlech Plaze brauchen. Dofir eis Efforten, fir ze kucken, niewent Giwenech, wat mer ausgebaut hunn, och nach eng aner Infrastruktur souwuel fir Détenué wéi fir Untersuchungsstäfflingen ze fannen. Mir hunn also deen éischte Schratt do gemaach mat der Extensioun vu Schraasseg virun e puer Joer.

Zweetens, méi Encadrement. Dat schéngt mer ganz wichteg. Dofir hu mer an deene leschte Jore wesentlech Ännerunge ge-maach zu Schraasseg. Mir hunn an der medezinescher Betrelung en Accord ge-maach mam Centre hospitalier a mat dem Centre hospitalier neuropsychiatrique, fir souwuel am medezinesche wéi am psychia-tresche Beräich e professionellen Enca-drement vun de Gefaangenen ze hunn. Mir hunn de sozialen Encadrement verstärkt a mir fueren op där Schinn weider.

Am Budget vum Joer 2008, deen elo just vun der Chamber gestëmmt ginn ass, sinn eng Dosen zousätzlech Plaze virgesi fir d'Sozialmataarbechter am Prisong, fir datt och dee sozialen Encadrement vun den Dé-tenuen - der wuessender Zuel un Détenuen - besser ka gemaach ginn.

Ech erënneren un de Projet am Beräich vun der Toxicomanie, de sougenannten „Projet Tox“, wou sech ëm déi Drogenofhängeg bekëmmert gëtt. Gradesou erënneren ech drun, datt mer eréischt virun e puer Joer agefouert hunn, datt am Prisong fir déi Dé-tenuen, déi dat wëllen, Schoul gehale gëtt. An ech erënneren do drun, datt dat eng gemeinsam Initiativ vun der deemoleger Educationsinministerin, der Madame Brasseur, a mir war, fir ze kucken, datt d'En-seignantë konnten an de Prisong deta-chéiert ginn, déi eng exzellent Aarbecht do maachen. Do dobäi hu mer natierlech och d'Personnel de garde an deene leschte Joren an der Zuel erweidert.

Trotzdeem muss een och an de baulechen Infrastrukture méi maachen, an dat ass deen drëtte Punkt: d'Sécherheet. Ech mengen net, hei ass dat e puer Mol gesot ginn, datt dee Projet komm wär no der Evasioun vun engem Gefaangenen. Dat ass falsch! Et ass sécherlech wouer, datt eng Evasioun vun engem Gefaangenen all Kéiers och als Konsequenz huet, datt ver-schidde Sécherheetsdispositifen iwwer-kuckt ginn, mä déi Kameraen ze ersetzen, wat ee vun deenen deiere Punkten an dësem Projet vun der Regierung ass, dat hätte mer souwisou misse maachen, an déi hätte mer och laang virdu missen hunn. Ech soen och, wa mer haut nei Kameraen hei décidéieren, da muss een déi och an zéng Joer erëm eng Kéier iwwerkucken, well d'Technologie nun eemol esou ass; an dat weess ee mat allen technesche Saa-chen, déi een huet.

Dofir, mengen ech, datt dee Projet hei, ech soen dat och als Budgetsminister, effektiv en deiere Projet ass, mä et ass e Projet, deen inévitable ass, wann ee wëllt eng rasonnabel Mooss u Sécherheet hunn. Eise Prisong ass keen Héichsicherheets-prisong, mä et ass e Prisong, wou virun allem an deem baussenzegen Deel vum Prisong op d'Sécherheet, esou wäit wéi méiglech, op maximal Sécherheet gesat gëtt. Dofir sinn och de Gros vun den Infra-strukture grad am Ausseberäich hei, wat d'Sécherheet ubelaangt, gemaach ginn.

Och an Zukunft wäert et Incidenten am Prisong ginn an och an Zukunft kann een net ausschléissen, och mat all dësen Dispo-sitifen, datt et eng Kéier zu enger Evasioun kënnt. Dat beweisen och d'Erfahrungen am Ausland. Et muss ee just ëmmer versichen, e Maximum ze maache fir d'Incidenten, déi och duerch d'Villzuel vun den Nationalitéite vun de Prisonnéier bedéngt sinn, awer och duerch d'Populatioun, déi dauernd wéisst, mä och duerch d'Erfahrung, déi mer aus dem Ausland kennen, musse mer e Maxi-mum u Sécherheet maachen. Ech mengen, dëse Projet dréit dozou bäi, an dofir sinn ech , zesumme mam Bauteminister, all dee-nen Deputéierten aus der Chamber dank-bar, déi dëse Projet stëmmen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen elo zum Vote iwwert de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 49 Jo-Stëmmen, bei 4 Abstentiounen a 7 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro (par M. Roland Schreiner), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M.

Carlo Wagner), Alexandre Kriepps (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum Projet de loi iwwert de Contournement vu Jonglënster. Déi Häre Wagner, Scheuer a Mehlen an d'Madame Loschetter si bis elo ageschriwwen.

D'Wuert huet de Rapporteur vun dësem Projet de loi. Och an dësem Fall ass dat den honorabelen Här Clement.



9. 5764 - Projet de loi relatif à l'aménagement du contour-nement routier de Junglinster

Rapport de la Commission des Travaux publics

» **M. Lucien Clement (CSV), rap-porteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech stellen lech elo deen éischte vun zwee wichtege Bauprojeten zu Jonglënster vir. Et handelt sech heibäi ëm d'Realisatioun vum Contournement Jonglënster.

Kuerz, wat d'Antécédenten ugeet. De vir-leienden Text ass den 30. August 2007 vum Bauteminister hei an der Chamber dé-poséiert ginn. Knapp ee Mount duerno, de 25. September, huet de Statsrot säin Avis dozou ofginn. Deeselwechten Dag sinn ech vun der Bautekommissioun zum Rapporteur ernannt ginn an an der Réunioun vum 14. November 2007 hu mer eis mam Text an dem Avis vun der héijer Kierperschaft be-schäftegt. Dee virleiende Rapport huet dunn d'Kommissioun an hirer Sitzung vum 17. Dezember 2007 mat enger Abstentioun ugeholl.

Här President, komme mer elo zum Projet, ëm deen et hei geet. Den Text, iwwert dee mer elo sollen ofstëmmen, erlaabt et der Regierung, de Contournement Jonglënster ze bauen. Dëse Projet de loi ass zesumme mam Bauprojet vum neie Lycée zu Jong-lënster ausgeschafft ginn. De Site vum Lycée ass a Proximitéit vum Contournement an et gëtt eng ganz Rei vu Synergien tëschent deenen zwee Projeten. Ech wäert mech am weidere Verlaf vu mengem Ex-posé nach domadder beschäftegen.

Mir wëssen all, datt d'Nationalstrooss N11/E29, déi duerch Jonglënster verleeft, eng ganz wichteg Verkéiersachs tëschent lechternach an eiser Hauptstadt ass; dat souwuel fir deen nationale wéi och fir den internationalen Trafic. Jiddfereen, dee schonns emol zu Spëtzesonnen op dëser Streck ënnerwee war, weess, datt et hei normalerweis zu enorme Stauwe kënnt, an dat haaptsächlech op der Héicht vun de Verkéiersluuchten am Zentrum op der Haaptkräizung vu Jonglënster.

Déi folgend Zuele schwätzen do och eng ganz däitlech Sprooch a beweisen zu-gläich, datt de Bau vum Jonglënster Contournement ee vun deene Contour-nementer ass, dee sech förmlech opdrängt. Deemno ass en och net vu Muttwëll. Konnten 1990 en moyenne am Dag 10.810 Autoe gezielt ginn, esou waren dat der 2005 an der Moyenne 15.308. Dréckt een dës enorm Progressioun a Prozenter aus, esou ass dat eng Zounahm vun 41,6% vun der Dagesmoyenne; an dat bannen nëmme 15 Joer.

Dës enorm Progressioun, Här President, huet mat Sécherheet och Ursaachen, oder weinstens verschidden Ursaachen. Eng vun deenen Ursaachen ass déi, trotz ver-schidde Ralentissementer ufanks dësem Jorhonnert, an der Moyenne awer nach ëmmer héich Croissance économique hei zu Lëtzebuerg. Dëse Gott sei Dank héije Wirtschaftswuesstum bréngt awer mat sech, datt eis Wirtschaft ëmmer méi muss op Frontalieren zrëckgräifen, déi eben ënner anerem och aus dem Raum Bitbuerg iwwer lechternach an iwwer Jonglënster an d'Stad oder soss anzwousch an d'Land fuere mussen, fir ze schaffen.

Eng zweet Ursaach ass deen dach awer nach héije Wuelstand hei am Land, wat jo a sech ze begrëissen ass. Well et ass net

selten, datt dat och mat sech bréngt, wat ech elo soen, datt an enger Famili et méi Autoe gëtt, wéi et Führerschäiner gëtt. Och dat ass eng Ursaach vun ëmmer méi Ver-kéier.

Här President, de Contournement fänkt öst-lech vu Jonglënster op der Kräizung N11/CR121, déi an e Kreesverkéier ëm-gewandelt gëtt, un, verleeft da Richtung Süden, ëmfiert de Quartier Reiland laanscht de Plateau Heed. Duerch e Viaduc vu 430 m Längt gëtt den Dall vun der Schwaarzer Ernz iwwerbréckt. Duerch e Rond-point gëtt dann d'Zone d'activités Laangwiss un de Contournement ugeschloss. Duerno verleeft dann den Tracé ënnert der N11 erduerch, fir dann zum Schluss an der Entrée vu Gon-nereng op den Tracé vun der N11 ze kommen.

D'Gesamtlängt vun dësem Contournement sinn 3.860 m. Konform mat der Europäe-scher Konventioun zu de groussen interna-tionale Verkéiersachse sinn zwou Bunne vu jee 350 m Breet virgesinn, souwéi zwou Sécherheetsbandë vu jee 70 cm, a Rand-sträife vu jee 2,50 m breet. Laut de Pläng gëtt fir esou eng Streck eng Vitesse vu 70 km/h virgesinn.

Insgesamt entstinn duerch de Contour-nement sechs verschidde Bauwierker: éischstens emol eng Passerelle iwwert d'Na-tionalstrooss; en iwwerdeckten Deel ënnert der RN11; e Viaduc iwwert den CR129, iwwert d'Aessebaach; e landwirtschaftleche Wee an e Vëloswee; e Passage iwwert den Échangeur West, a schlussendlech e Passage fir eng Vëlospist.

Wéi ech schonn ufanks gesot hunn, ass dëse Projet zesumme mat deem vum neie Lycée Jonglënster ausgeschafft ginn. Et gi folglech och enk Verbindungen tëschent deenen zwee Projeten, notamment am Beräich vun der Evakuatioun vum Waasser. E kontrolléiert Oflafe vum Reewaasser ass um Terrain vum Lycée wéinst der geolo-gescher Beschaffenheet net méiglech, esou datt d'Reewaasser bis un de Rand vum Lycéesterrain evakuéiert gëtt an do mat deem vum Contournement zsummeleeft. E gemeinsam Réckhaltebecken, dat zum Projet vum Contournement gehéiert, stellt sécher, datt d'Waasser kontrolléiert an net ze séier offléisst.

Här President, ech wëll op dëser Plaz net ze vill op déi dach méi technesch Aspekter agoen. Déi Leit, déi dat wierklech interes-séiert, kënnen dat mat Sécherheet am Rapport noliessen, a wann net, am Exposé des motifs vum Projet de loi.

Erlaabt mer nach kuerz op den Aspekt vum Ëmweltschutz anzegoen. Tëschent Mee 2003 an Dezember 2004 war de Projet vum Contournement zu Jonglënster Objet vun enger Impaktstudië op d'Ëmwelt an d'Mën-schen. Während dëser Zäit ass erëm Récksprooch gehale gi mat den Experte vum Umweltministère respektiv vun der Administration des Eaux et Forêts. Esou ass et zum Beispill zu enger Modifikatioun vum initiale Projet komm, fir wäertvoll Biotopen ze erhalen. Dës Modifikatioun kann een als akzeptabele Kompromëss tëschent Ëmwelt-schutzmoossnamen an Intérêts routiers be-zeechnen.

An dësem Kontext ass och eng Etüd zu den Nuisances sonores, also de Schied duerch Kaméidi, gemaach ginn. Et ass virgesinn, datt schonns während der Bauphas am Norddeel vum Tracé e Wall aus Buedem soll dohinner kommen, fir esou dem Kaméidi, deen duerch de Chantier entsteet, entgéint-zewierken. Definitiv Antikaméidismooss-name sinn och virgesinn, soubal de Chan-tier ufänkt tëschent Gonnereng a Jong-lënster selwer. Den Haaptdeel vum defini-tiven Tracé ass mat dësen Antikaméidis-moossname versinn.

Des Weidere gëtt déi bestehend Transi-strooss, déi duerch Jonglënster selwer féiert, vun dräi Bunnem op zwou Bunnem zrëckgefuert. Hei gëtt e Gréngsträifen aménagéiert, fir d'Strooss vun der Vëlospist ze trennen. All dës Mesuré wäerte mat Sécherheet d'Liewensqualitéit vun den Awunner vu Jonglënster ganz zolidd ver-besseren.

Den 23. Januar 2006 huet den Ëmweltmi-nister säin Accord zu dësem Projet ginn, an dat op Basis vum Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2004. Heizou wier nach ze soen,

datt déi eigentlech Planifikatioun schonns am Mee 1995 ugefaangen huet. Eng Variant Tunnel baséiert sech op eng Etüd, déi schonns 1977 gemaach ginn ass, déi awer dunn net als definitiv zréckbehale gouf.

Dat aus e puer Ursaachen: Et hätte missen éischtens Haiser ofgerappt ginn; den Tracé hätt den Norddeel vu Gonnereng vum Zentrum vun där Uertschaft getrennt - also dovunner ofgeschnidden; et wier e relativ deiert Bauwierk vu 500 m Längt ginn; an der Entrée wéi an der Sortie vum Tunnel wier et wahrscheinlech dann och zu Verkéierskniet komm, déi sech hirersäits net positiv op d'Sécherheet am Tunnel selwer ausgewierkt hätten. Aus haaptsächlech all dëse Grënn, Här President, ass dunn déi Variant Tunnel net zréckbehale ginn.

Ech kommen ofschléissend zum sécherlech net onwichtege Punkt vun de Käschte vum ganze Projet. Insgesamt kascht de Contournement 59 Milliounen Euro. Ech wëll lech elo net do mat detailléierten Zuele langweilen, duerfir verweisen ech nach eng kéier op mäi schrëftleche Rapport, an deem déi verschidde wichteg Posten dann och opgezielt sinn.

Mir hunn an der Kommissioun dëse Projet ganz am Detail analyséiert. No Diskussiounen iwwert d/Verkéiersproblemer zu Jonglënster, no den Diskussiounen zu de Mesures compensatoires, déi dëse Contournement mat Sécherheet mat sech bréngt, huet d'Commission des Travaux publics sech an hirer Majoritéit fir dëse fir dës Rejioun esou wichtege Projet ausgeschwat.

De Conseil d'État huet a sengem Avis wäit ausgeholl mat allgemenge Remarquen. Hien ass a senger Analys bis op 1950 zréckgaangen an hofft virun allem, dattdeen neie Contournement net derzou méssbraucht gëtt, fir nees lénks a riets dervun Haiser ze bauen. Wier dat nämlech de Fall, hätt déi nei Strooss den Numm Contournement net verdéngt a mer wären erëm do, wou mer haut sinn. De Conseil d'État huet verschidde redaktionell Ëmännerungen zum Text virgeschloen an huet och eng Textpropos fir den Artikel 4, wat d'Utilité publique ugeet, proposéiert.

D'Kommissioun huet sech all deem ralliéiert, wat déi héich Kierperschaft virgeschloen huet. Duerfir bieten ech d'Chamber, dësem Bauprojet fir de Contournement Jonglënster, esou wéi en elo virlâit, hir Zoustëmmung ze ginn. Ech wëll nach bäifügen, datt de Minister Claude Wiseler eis och informéiert huet, datt d'Terrainen nach net alleguerten am Besëtzt vum Stat sinn. Esou datt een do nach muss kucken, sief et iwwer eng Eeneegung à l'amiable oder, wann et dann net geet, well d'Utilité publique do ass, muss ee kucken, wéi se do eens ginn. Op jidde Fall wär et wëschenswäert vun dëser Sait aus, datt ee sech kënnt mat de Propriétaires eenegen. Dat ass ëmmerhin eng besser Méiglechkeet wéi déi aner.

Zum Schluss, Här President, soen ech lech dann alleguerte Merci fir d'Nolauschteren a bréngen den Accord vun der CSV-Fraktioun.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. D'Wuert huet elo fir d'DP-Fraktioun den honorabelen Här Carlo Wagner.

Discussion générale

» M. Carlo Wagner (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „was lange währt, wird endlich gut“, seet en däitscht Spréchwuert.

Am Fall vum Contournement vu Jonglënster huet et wierklech laang gedauert bis aus de Gedanken, der Iddi vun deem Contournement endlech Realitéit ginn ass. An och wa mer haut deen entspreichende Gesetextest wäerte stëmmen, wäerte wuel nach e puer Joer vergoen, ier déi éischt Autoe kënnen iwwert déi nei Strooss fueren an ier d'Liewensqualitéit vun deene Jonglënster Leit wäert spierbar an d'Luucht goen. Dat besonnesch nodeem dass de Rapporteur eis ugekënnegt huet, dass, wéi gesot, nach net sämtlech Parzellen opkaaft sinn.

Ech wëilt net nach eng kéier op dëser Plaz an den Detail vun där neier Strooss agoen, mä ech wëll kuerz den Historique vun dësem Projet belichten.

Am Juli '97 hat déi deemooleg Regierung e Plang ausgeschafft mat Kritären, no deene sollt décidéiert ginn, wat fir eng Uertschafte prioritär géife beim Bau vun engem Contournement berücksichtegt ginn. Deemools hat d'Regierung 24 Demandé virleien; dorënner och déi vu Jonglënster.

Am Joer 2000 huet déi deemoleg Ministesch vun den Travaux publics, d'Madame Hennicot-Schoepges, op eng parlamentaresch Ufro geäntwert, an ech zitieren: «En ce qui concerne le contournement de Junglinster, un tracé a été recherché tenant compte aussi bien des contraintes résultant de l'impact sur l'environnement naturel que des contraintes imposées par les tissus urbains de la localité de Junglinster.» An anere Wieder, den Tracé vun där neier Strooss ass scho jorelaang bekannt an awer huet et - an dat ass wierklech ze bedauern - bis haut gedauert, ier d'Chamber kann iwwert dëse wichtege Projet ofstëmmen.

Am Mäerz 2004 huet den deemolegen Deputéierte Jeannot Belling nach eng kéier zu deem Sujet eng Fro gestallt. Deemools gouf him geäntwert, dass am November 2003 mat der Etüd fir en Avant-projet sommaire ugefaange gi wär.

Am Oktober 2004 huet den heitege Baute-minister wësse gelooss, dass de Projet de loi fir de Contournement vu Jonglënster fréistens 2005 géif an der Chamber déposéiert ginn. Ech muss soen, Här Minister, Dir loucht mat Ärer Aschätzung net ganz falsch. Et sollt nach bis den 30. August 2007 daueren, ier deen entspreichenden Text an der Chamber déposéiert ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss soen, dass, contrairement zu méi radikalen Ekologen, déi och de Standpunkt vertrieeden, et sollt keng nei Strooss méi gebaut ginn, mir an der DP der Meenung sinn, dass de Bau vun neie Stroossen duerchaus ka sënnvoll sinn. Virun allem an deem Fall wéi deen, dee mer haut um Ordre du jour hunn.

An de leschte Joren ass, bedéngt duerch en Zouwuess vun der Populatioun an och duerch eng steigend Zuel vu Frontalieren aus dem Raum Bitbuerg, d'Zuel vun den Autoen, déi all Dag duerch Jonglënster fueren, ganz massiv an d'Luucht gaangen. Den Här Rapporteur ass schonn drop agaangen, an ech kann dat och beleëen unhand vun den offiziellen Zuele vu Ponts et Chaussées.

Do gëtt daitlech, wéi gewalteg dës Evolution an de leschte Jore war. 1990 waren et am Schnëtt ronn 10.800 Autoen den Dag, déi do passéiert sinn. 2007 waren et der scho bal 15.900, dat heescht e Plus vu 47%. Zwar muss ee bei dësen Zuele preziséieren, dass et sech bei den Ermiessungen ëm ee Punkt vu Gonnereng handelt, mä dës dierfte sech awer nëmme minimal vun deene vu Jonglënster selwer ënnerscheeden.

E Plus vu 5.000 Autoen am Dag, dat bedeit awer méi wéi nëmme just de Passage vun deenen zousätzlechen Autoen. 5.000 Autoe méi bedeit och méi Kaméidi, méi CO₂-Ausstéiss, méi Gefor fir beispillsweis d'Kanner an esou virun. Virun allem bedeiten awer dës 5.000 Autoe manner Liewensqualitéit fir all Jonglënster Leit a virun allem déi Leit, déi direkt un der N11 wunnen.

Här President, d'Demokratesch Partei begreisst ausdrécklech, dass bei dësem Projet de Bau vun deem neie Lycée zu Jonglënster mat considéiert ginn ass. Esou konnten tëschent deenen zwee Projekte Synergien an der Planung a während der Bauphas realiséiert ginn. Et ass ze hoffen, dass et derzou féiert, dass déi zwee Projeten, déi allen zwee vu grousser Bedeitung fir d'zukünftge Entwécklung vu Jonglënster sinn, kënnen also ganz schnell realiséiert ginn.

Ofschléissend, Här President, wëilt ech dem Här Rapporteur, dem honorabelen Här Lucien Clement, nach eng kéier félicitéiere fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. Deementspriechend wäert och d'Demokratesch Partei selbstverständlech hiren Accord zu dësem Projet de loi ginn.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Wagner. Den honorabelen Här Vizepräsident Scheuer huet elo d'Wuert fir d'sozialistesche Fraktioun.

» M. Jos Scheuer (LSAP).- Här President, mir Sozialisten, d'LSAP,...

(Interruptions et hilarité)

...mir begrëissen ausdrécklech dëse Projet de loi. Fir d'éischt soen ech dem Rapporteur och Merci a félicitéieren him fir säi Rapport. Dee Rapport ass ausserge-

wéinlech detailléiert, an ech félicitéieren och de Beamten aus dem Ministère fir dee gudden Dossier, dee si iwwert deen dote Contournement zesummegeallt hunn. An deem Dossier si wierklech all Aspekter vun esou engem Agrëff an d'Natur an enger Verbesserung vun der Liewensqualitéit, awer gläichzäiteg och vun alle Geforen, déi sech doraus erginn, erfaasst.

De Contournement vu Jonglënster ass effektiv e Projet, op dee ganz vill Leit waarden. D'Automobilisten natierlech, awer och d'Awunner vu Jonglënster. Déi ominéis N11 heescht och nach E29, ass also eng europäesche Strooss, déi aus Däitschland an nees zréck an Däitschland féiert, eng Transitstreck, op där ebe Lëtzebuerg läit, Saarbrécken-Köln mengen ech ass et, an et ass ursprénglech nach méi wäit gaangen, an doraus ergi sech eng ganz Rei vu Contrainten, vu Schwieeregkeeten.

Déi Trace vun der E29 huet tëschent Lëtzebuerg an der däitscher Grenz zu lechternach verschidde Schwaachpunkten. Éische Schwaachpunkt ass de Gréngwald, de Waldhaff. Ech ka mer net virstellen, datt an absehbarer Zäit oder an onabsehbarer Zäit de Gréngwald dräispureg gemaach gëtt. Dat wäert esou bleiwen. Et gëtt awer an deem Gréngwald op där doter Strooss eng äusserst geféierlech Ausfahrt vun der Autobunn, Här Minister, an et gëtt eng geféierlech Opfahrt op d'Autobunn; a wann ee Contournement vu Jonglënster seet, da misst ee gläichzäiteg awer och iwwert d'Gesamtplanung vun där doter Strooss schwätzen. Mä ech sinn iwwerzeegt, datt den Här Bettel amgang ass, dem Här Minister déi gutt Rotschléi ze ginn.

(Interruptions)

Den zweete Schwaachpunkt ass da Jonglënster gewiescht. En op d'mannst zwee Kilometer laange Passage mat dräi roude Luuchten duerch eng Uertschaft, an där souwisou vill Betrib ass, eng Strooss, déi d'Uertschaft an zwee schneit, mat enger Serie vu Schikanen, mat enger Serie vu Foussgängerpassagen, mat Offahrten a Richtung Fiels, a Richtung Dikrech. An da komme mer op lechternach, wou de Grenzverkéier dann den Ursprung huet, eriwuer op d'Sauer, an all Dag kommen Dausende vu Frontalieren. Ech sinn iwwerzeegt, datt méi wéi d'Halschent vun den Autoen, déi do passéieren, oder op d'mannst d'Halschent vun den Autoen, déi zu Jonglënster passéieren, däitsch Autosnummeren droen.

Jonglënster hat eng Chance, an do muss een der Gemeng Komplimenter maachen an de Virgänger vun der Madame Hetto Komplimenter maachen, datt iwwerhaapt eng Trace konnt fonnt ginn, eng Trace, déi net verbaut ginn ass. War dat d'Wäitsicht vun der Gemeng? Ech weess et net. Quitte datt d'E29 - N11 - um Bord verbaut ginn ass, bal op där ganzer Streck bis uewen op d'Kopp, bleift trotzdeem wouer, datt dee Contournement vun e puer Kilometer elo net op Wunngebitt stéisst an op Schwieeregkeeten, déi op anere Plazen net ze léise sinn.

Drëtt lwwerleeung: Vlächht hat Jonglënster och Chance a kritt den Dossier eben dës Tournure, well zu Jonglënster e Lycée hikënt. De Bau vum Contournement ass, wann ech dat richtig verstanen hunn, et ass esou ugedeit ginn, d'Conditio sine qua non fir de Bau vum Lycée. Da schloe mer also zwou Mécke mat engem Schlag. Béid Saache si gutt.

Dann eng Fro: Wéi ass et mam Zréckbau vun där aler Trace? Och dat steet am Text vun der Regierung an et gëtt ganz bestëmmt keng Wunnstrooss. Dat wäert net méiglech sinn, mä d'Ästhetik vun der Strooss muss änneren. Et muss zu enger Berouegung kommen, zu enger massiver Berouegung an enger effikasser Berouegung. Wann net gläichzäiteg mam Bau vun enger neier Strooss, vun engem Contournement och eng urbanistesche Planung mat agebonne gëtt, dann erfüllt déi nei Strooss nëmmen deelweis hiren Zweck.

Et muss een och hoffen, datt de Chantier esou konzipéiert gëtt, datt de Verkéier weider fléisse kann. Wa sech aus deem Chantier Schikane fir de Berufsverkéier erginn, da wäert Jonglënster nach eng kéier vill ze leiden hunn an deenen nächste Joren, an aus deem Chantier wäerte sech - dat steet och zimlech offen am Regierungstext - Nuisancë fir d'Leit vu Jonglënster erginn.

Politesch interessant wär an dësem Dossier awer och d'Positioun vun deene Gréngen. Den Här Carlo Wagner huet et zimlech cru gesot, hei si mir Gréng dann an der Zwéckmilchen, hien huet dat Fundamentalismus genannt, mä hei si mer an enger Situatioun, wou dann déi...

(Interruption et hilarité)

...gréng Fraktioun, déi Gréng an enger Uertschaft, wou se relativ staark waren,...

» Une voix.- Sinn!

» M. Jos Scheuer (LSAP).- Waren! Waren! Et ass licht de biergof gaangen.

(Interruptions diverses)

...eng ganz zweifelhaft Positioun hunn. A vlächht...

» M. le Président.- Kommt, loosst emol den Här Scheuer seng Ausféierunge fäerdeg maachen!

» M. Jos Scheuer (LSAP).- ...hutt Der gemierkt, wéi Der de Projet gelies hutt - et wäert alt esou sinn, Här Bausch -, datt an deem Projet...

(Interruption)

Huet d'Madame Loschetter e gelies? Där trauen ech et zou!

» M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- A mir net?!

(Hilarité)

» M. Jos Scheuer (LSAP).- ...eng ganz Serie vu Kompensationsmoosnamen dra sinn an de Schutz vu Biotopen, esou datt d'Regierungsparteien, wéi Der gesitt, net nëmmen um gudde Wee sinn, mä dat maachen, wat all verstännege Mënsch zënter langer Zäit zu Lëtzebuerg seet: Do, wou mer eppes futti maachen, muss mer kucken, fir esou mann wéi méiglech ze zerstéieren a mir muss kompenséieren, a gläichzäiteg e Gain u Liewensqualitéit schafen, deen dat eent wettmécht.

Chance haten déi Jonglënster och, well se e Contournement baue kënnen, ouni op e grouss kulturelle Patrimoine ze stoussen, wat op der E29 net iwwerall de Fall ass. Do stellt de Choix sech vill méi kompliziéiert.

Da wär ech zu lechternach. Ech soe just nëmmen ee Wuert driwwer. Erwaart elo kee Plädoyer vu mir, Här Minister, fir e Contournement vun lechternach, ech soe just nëmmen eent: Ech hat laang Zäit, laang Joren d'Méiglechkeet, fir Drock auszeüben, quitte datt et näischt gehollef huet, a fir an deen Dossier eranzekommen, wat och de Fall ass. Et gëtt fir lechternach keng einfach Léisung. An et soll een ni op de Wee goe vun engem Provisoire, dee méi zerstéiert, wéi e gutt mécht. Et muss eng Käschten-Notzen-Analys gemaach ginn an déi Analys begräift de Patrimoine culturel an d'Urbaniséierung vun der Stad. Gläichzäiteg muss gekuckt ginn, wat vun Autoe wierklech driwwer goe wäert a wat garantéiert an enger Touristenuertschaft net driwwer geet.

Dowéinst mäin Appel - an ech mengen ech kéint dat am Numm vu ville Kolleegen och aus der Politik zu lechternach soen, net vun allen, well den Drock ass grouss -: Virsiicht bei där Planung, kee Provisoire a virun allem eng Käschten-Notzen-Analys!

Dat gesot, ginn ech natierlech den Accord vun der sozialistescher, vun eiser Fraktioun fir dee gudde Projet.

Merci.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Scheuer. D'Madame Loschetter huet elo fir d'Fraktioun vun deene Gréngen d'Wuert. Madame Loschetter, wann ech gelift.

» Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also haut de Contournement, an och en zweete Projet, deen direkt hannendrukënt, well dee Contournement notamment och bei e Lycéesgebai féiert. Mä den Impakt vun dësem Contournement geet méi wäit, wéi déi concernéiert Leit bei hiert Schoulgebai ze féieren.

Dëse Contournement huet en Impakt op d'Lokalitéit vu Jonglënster an hir Awunner an Awunnerinnen, huet awer och en Impakt op aner Lokalitéiten an och op deenen hir Awunner an Awunnerinnen, wéi zum Beispill - an et ass elo just virdru gesot ginn - lechternach oder aner Stied op der Musel an déi méi kleng Lokalitéite ronderëm dës Stied.

En huet en Impakt op d'Awunner an d'Awunnerinnen notamment déisäits der Musel bei onsen däitschen Noperen, déi all Dag op Lëtzebuerg schaffe kommen. En huet en Impakt op d'Naturëmfeld, notamment zu Jonglënster selwer, wou ëmmerhin en Deel vun der Sumpfgéigend verbaut gëtt, wat erëm en Impakt huet op d'Fauna an op d'Flora.

Den Impakt léisst sech duerch zwou Saachen haaptsächlech determinéieren: éischtens d'zukünftge Verhale vun de

concernéierte Mënschen duerch dëse Projet an d'Restrukturéierung vun der Natur, vu sech selwer a sengem verännerten Ëmfeld.

Leider war et ons an där zoustänneger Chamberskommissioun net méiglech, en Abléck op den Impact environnemental ze kréien an och net en Abléck iwwert d'Mesures compensatoires.

Ech weess net, Här President, ob den Här Scheuer déi all gesinn huet, well en dat hei och op dëser Tribün gesot huet. Mir kréien an der Travaux-publics-Kommissioun ëmmer erëm versécher, datt déi zwou Verwaltungen enk matenee schaffen, wat ech och selbstverständlech unhuelen. Mä mir hu keen Abléck bis elo op iergendwellech kompensatoresch Mesuren.

Schued, datt et eleng d'Travaux-publics-Kommissioun ass, déi iwwerflächlech iwwert d'realiséiert Studien an notamment Ëmweltstudien informéiert gëtt, déi am Kader vun der Berechnung vum Impact op d'Ëmwelt gemaach ginn. Schued och, datt ni iwwert d'Kompensatiounsmoosssname geschwat gëtt, a kenger Chamberskommissioun.

Mir hunn allerdéngs och elo an der Travaux-publics-Kommissioun gefrot, fir méi e präzisen Iwwerbléck ze kréien iwwert d'Kompensatiounsmoosssnamen, dat heescht, datt mer bei all Bauprojet respektiv Niddreg-Bau-Projet eng Fiche kréien, wou mer e besseren Abléck kréien an d'Kompensatiounsmoosssnamen.

Ech wëll och soen, datt et vläicht net vu Muttwëll wär, och eng zweet Chamberskommissioun an esou Projekte mat anzebezién, notamment d'Ëmweltkommissioun, an ech géif gären de Verglach maachen, Här President, zu Bauprojete wéi deen nächsten, deen elo kënnt, iwwer e Lycée, wou parallel zum Bauprojet an zu der Bautekommissioun mer och niewendrun ëmmer och d'Educationskommissioun haten, déi sech iwwert den Inhalt vun dësem selwechte Gebai an engem anere Projet beschäftegt. Et kéint ee sech virstellen - an ech wäert och eng Motioun dozou ofginn -, datt zum Beispill eng Ëmweltkommissioun sech mat dem Ëmweltimpakt vun esou Projekte kéint beschäftegen.

Mir bedauern och, datt de Conseil d'État sech baséiert a sengem Avis op politesch international Engagementer, déi Lëtzebuerg da soll schonn an de 50er, an de 60er Jore geholl hunn, betreffend ebe Réseaue vu groussen internationale Stroossen an hir Vernetzung.

Mir sinn awer, Här President, haut an engem ganz anere Film, an engem ganz anere Cas de figure, an ech ka mer net virstellen, datt net och de Statsrot Bescheed weess, wéi eng Erkenntnisser säitdeem éischstens a puncto Liewensqualitéit, Ëmwelt- a Klimapolitik an Tëschenzäit och ons Politik national, europäesch an doriwwer eraus prägen. Mir gesinn doranner contrairement zu de Feststellunge vum Statsrot absolut keng, an ech zitéieren aus dem Avis vum Statsrot: «logique tant des engagements internationaux que des options politiques prises dès le début des années 60».

Haut stellt sech d'Fro jo awer anescht. Si stellt sech éischter an onsen Aen: 1. Wou ass mäi Gesamtkonzept? Dat heescht, meng Wäitsichtegkeet, souwuel an der Zäit wéi och am Raum, spriech Plan sectoriel «Transports». 2. Wat wëll ech erreechen a wou setzen ech dowéinst d'Prioritéiten? 3. Wat fir eng politesch Décisioun huelen ech da schlussendlech?

Zum éischte Punkt, dee vum Gesamtkonzept, de Plan sectoriel «Transports» ass eigentlech de beschte Frënd vun der Logik. E léisst op sech waarden, och de Statsrot stellt dat fest.

Mir stellen dat och fest, Här President, an zwar all Kéiers erëm stelle mer dat fest bei all Stroossebauprojet. Et ass scho bal skandaléis, datt kee Plan sectoriel «Transports» virläit, woubäi esou vill vun deem geschwat gëtt a virun allem wou mer elo dëst Joer op der Prioritéitsléscht vum Baute-minister eng ganz Rëtsch vun impressionnanté Stroossebauprojete stoen hunn.

Här President, mir wieren och frou, dem Minister seng logesch Approche dozou ze héieren, ob hien dat wierklech seriö fënn, den Deputéierte Stroossebauprojeten zur Ofstëmmung ze presentéieren, ouni datt mir e Gesamtkonzept vun der Regierung kennen. Dat wäert och elo weider esou goen. Mir wäerte weider Stroossebauprojeten hei presentéiert kréien a mir hunn u sech kee Gesamtkonzept, mir hu kee Plan sectoriel «Transports»!

Et ass bal wéi wann een all Kéiers ee Stéck vum Puzzle gëtt, jiddferengem e Stéck vum Puzzle gëtt, all Kéiers erëm eent, ouni ze

wëssen, wat fir ee Bild herno dee Puzzle wäert duerstellen, wa mer déi Stécker hunn.

De Modell vum Régime transitoire vun der Impaktstudië huet Inzidenzen op d'Ëmwelt. Déi sinn evaluéiert ginn, a mir musse feststellen, datt d'Approche par rapport zu enger Nullvariant respektiv enger Nullplus-variant séier gekläert war. D'Augmentatioun vum Trafic an zéng Joer ëm 40%, dat heescht vun 10.000 Autoen an zéng Joer op 15.000 Autoen, schléisst direkt d'office déi zwou Varianten aus.

Mir schléissen ons och dem Statsrot senger Kritik un, deen ons am Fong geholl seet, datt keng Differenzéierung vum Trafic gemaach ginn ass. Wéi ass deen Trafic zesummegeat? Vu wou kënnt en hier? Wou geet en hin? Wéivill Frontaliere sinn derbäi an esou weider? Et ass net gekuckt ginn, wat fir en Impact huet dëse Contournement vu Jonglënster aus nationaler Sicht, voire regionaler Siicht; ech mengen den Här Scheuer huet dat gutt beschriwwé virdrun.

Här President, ech wëll awer eppes kloerstellen, net datt mer falsch verstane ginn. Mir streiden net of, och mir Gréng net, datt dëse Contournement sécherlech wäert eng Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun den Awunner vu Lënster duerstellen. Op alle Fall emol an enger éischter Phas. Mä wat fir een Impact huet dëst doriwwer eraus? Bleift et och spéider eng Verbesserung vun der Liewensqualitéit? Ass et déi eenzeg an ass et iwwerhaapt déi bescht Variant, fir d'Liewensqualitéit vun de Bierger a Biergerinne vu Lënster ze garantéieren?

Wéi ass et mat de Bierger a Biergerinnen am Osten oder am Zentrum ronderëm d'Stad? Wéi eng Konsequenzen huet de Bau vum Lënster Contournement op déi Regionnen an op hir Leit? Wëlle mer just en aktuellen a lokalen Trafficsproblem léisen oder wëlle mer de Bierger a Biergerinnen eng global Verbesserung vun hirer Liewensqualitéit fördern? Eng wesentlech Verbesserung vun den öffentleche Servicer, notamment dem öffentlechen Transport? Wëlle mer dës Regionne vum Osten esou gestalten, datt se hiert wonnerbaart natierlecht Ëmfeld schützen, fir datt d'Awunner an d'Awunnerinnen no bei der Natur wunne bleiwen, de Commerce an den Tourismus kënnen promouvéieren, oder wëlle mer Biotopen ënner Contournementsbrécken aspären?

Här President, kréie mer iwwerhaapt nach eng koordinéiert an effikass Transport- a Mobilitéitspolitik op d'Been an dësem Land zum Wuel vun onsen Awunner an Awunnerinnen, wa mer all Kéiers de Problem mat eenzelne Lokalanästhesië behandeln?

Mir hunn dozou ons gréisste Bedenken a Reserven. D'Argument, fir d'lechternacher Strooss zu Lënster net zrëckzebauen, well dru geduecht gëtt, eng Busspur anzeféieren, esou wéi et an dem Procès-verbal och steet, ass scho bal nëmmen nach zynesch ze analyséieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir verstinn d'Préoccupatioune vun de Leit zu Jonglënster. Wahrscheinlech kämpfe si och mat de Konsequenze vun enger verpasster Chance vu virun zéng Joer. Déi Chance, fir eng effikass regional Planung, eng national Mobilitéitsplanung an eng virsichteg Naturschutzplanung mat Zäiten opzestellen. Da géife mer haut net iwwer en décke Stroossebauprojet an dëser Region schwätzen, mä wahrscheinlech iwwert déi nächst Offer u Services publics a Saache Mobilitéit oder iwwer en Naturschutzpark „Geizebaach“.

Mir wënschen de Jonglënster Leit, datt se sech net müssen à court terme schonn erëm zu Recht bekloen: Well hir Liewensqualitéit ofgeholl huet. Well de Contournement hire Problem awer net geléist huet.

Dëst ass e Phénomene, an ech wëll lech drun erënneren, dee mer erliewen de Moment a verschidde Gemengen, déi sech viru siwen, aacht Joer gefreet haten iwwert d'Nordstrooss, awer elo vun der Realitéit iwwerholl gi sinn a musse feststellen, datt déi zoustänneg Regierungen de Problem vun der Mobilitéit kuerzsiichteg analyséiert haten.

Fir dëst an Zukunft wäitgehend ze verënnernen, a fir d'Liewensqualitéit vun de concernéierten Awunner an Awunnerinnen an onsem Land laangfristeg beschtméiglech ze garantéieren, ginn ech am Numm vu menger Fraktioun eng Motioun of, déi freet, datt mer méi konsequent déi Nullplusvariant considérieren, dat heescht, déi Variant, wou ee fir d'éischt emol kuckt: Mir hunn e Problem, mir hunn en Tarificsproblem; wéi kënnen mer deen anescht léisen, wéi datt mer deenen Autoen, déi den Trafficsproblem duerstellen, eben déi adequat Stroosse bauen? A virun allem, datt mer méi an der parlamentarescher Aarbecht Diskussiounen iwwert déi Analyse féieren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

- *qu'il ne s'agit pas de mettre en cause l'opportunité de tous les projets de contournement de localités et les objectifs poursuivis par ces projets qui cherchent à diminuer le trafic routier dans les localités;*

- *que certains projets de contournement de localités, tel celui de Junglinster, ont clairement une incidence sur la mobilité dans toute la région en augmentant principalement l'attractivité du transport individuel;*

- *qu'en plus du contournement de Junglinster, plusieurs autres projets de contournement sont en cours de planification dans diverses localités, à savoir le contournement d'Ettelbruck/Feulen, le contournement de Diekirch, le contournement à Clervaux, le contournement de Bascharage et le deuxième contournement de Bous;*

- *que l'ensemble des projets de contournement en voie d'élaboration risque de mettre en péril l'atteinte des objectifs affirmés dans différents domaines politiques, comme par exemple la mobilité respectant un «modal split» de 25/75 de l'IVL, les mesures du premier plan d'action en vue de la réduction des émissions de CO₂ pour la protection du climat, la protection de la nature, la biodiversité, etc.;*

- *qu'il y a lieu de chercher à améliorer la qualité de vie des habitants concernés, non plus, en proposant en premier lieu des projets de contournement mais en renforçant les stratégies visant des solutions pour une mobilité plus durable (amélioration des transports en commun à partir des régions frontalières, couloirs pour bus, etc.);*

invite le Gouvernement

- *à établir pour chaque projet de contournement de localités, au-delà d'une simple étude d'impact comparative de tracés, une étude incluant des solutions de substitution dites variantes 0+ (alternatives à développer dans le domaine des transports publics et de la mobilité douce);*

- *à présenter ces analyses dans le cadre des discussions et décisions parlementaires.*

(s.) Viviane Loschetter, Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Jean Huss.

Dat geschitt awer, mierke mer, trotz dem Impaktstudiëgesetz, ganz wäit ewech vun der parlamentarescher Aarbecht. Wat, denke mir, hautdësdags, wou mer jo awer alleguerte wëssen, wat mer musse beschützen, eigentlech net méi drobar ass. Mir wäerten ons och aus deene Grënn, déi ech lech elo just matgedeelt hunn, bei dësem Projet enthalen.

Ech soen lech Merci.

»»» **Une voix**.- Très bien!

»»» **M. le Président**.- Merci, Madame Loschetter. Fir d'ADR huet elo den Här Mehlen d'Wuert.

»»» **M. Robert Mehlen (ADR)**.- Merci, Här President. Mir hunn haut en deieren Nomëtteg. Wann ech kucken, no deene 16 Milliounen Euro hu mer der elo ronn 60, an duerno kommen der nach eng Kéier 105.

Mir wëllen awer domat net ofstreiden, datt hei eng Noutwendegkeet besteet, fir déi Ëmgehungsstrooss fir Jonglënster ze bauen, mat deene bal 16.000 Gefierer, déi sech all Dag duerch dat Nadelöhr do quälen, och nach op enger Kräizung, mat ville Staue moies an owes, wou och vill Dreck an d'Loft geblose gëtt, wat nach zousätzlech zur Verschlechterung vun der Liewensqualitéit bäidréit.

Richteg ass d'Fro gestallt: Wat fir e Konzept hu mer fir de Verkéier, dee virun allem vu Bitburg erikwwerkënn? An duerfir, wann een d'N11 kuckt, also déi sougenannt lechternacher Strooss, da gesäit een, datt nach weider Schwaachpunkten do sinn. Den Här Scheuer huet dat och schonn ugesprach.

Et ass kloer, datt uewen erëm e Fläschenhals ass um Waldhaff. Et ass och gradesou kloer, datt besonnesch zu lechternach gewalteg Investissementer wäerten noutwendeg sinn, fir datt de Verkéier do ouni grouss Problemer ka laanscht d'Stad lafen an datt och déi lechternacher déi Liewensqualitéit kréien, déi hinne gradesou zousteet, wéi deene vu Jonglënster.

Duerfir bedauere mir eigentlech e bëssen, datt net eng Alternativ gekuckt ginn ass, déi vläicht e bësse méi deier gewiescht wär, mä wou een déi Streck, déi vu Bitburg erofkënn, soubal wéi se iwwert d'Grenz ass - d'Bréck ass jo esou gebaut, datt een do virugefuer wär iwwert de Bierg bis erof op d'A1 an do un d'Tréierer Autobunn uge-

schloss hätt, dann hätt een de ganz deiere Contournement oder Tunnel vun lechter-nach kënnen spueren. Et hätt een de Contournement vu Jonglënster kënnen spueren an et hätt ee sech vläicht de spéideren Ausbau um Waldhaff och kënnen spueren.

Et kënn nach eng Iwwerleeung hannendrun: Souguer wa mer dat eng Kéier alles realiséiert hunn, Här Minister, dann ass d'Nordstrooss jo wahrscheinlech och fäerdeg an da schëtt déi reforméiert lechternacher Streck méiglecherweis nach méi Verkéier deelweis och op d'Nordstrooss aus, deen dann och nach weider um Kierchbierg uewen erauskënn. Do muss ee schonn e bëssen Imagination opbréngen, fir sech virzustellen, wéi dat dann herno alles soll fonctionnéieren.

Zur Strooss selwer wëll ech mech net ganz laang ofhalen. Ech war net ganz glécklech, Dir wësst dat, ech hunn dat och an der Sitzung gesot, datt dee Rond-point beim Lycée do virgesinn ass. Ech menge mat deem staarken Trafic, dee ganz besonnesch moies ass, Duerchgangsverkéier a gläichzäiteg de Verkéier, dee bei d'Schoul fiert, datt dee Rond-point do wäert iwwerlaascht sinn zu den Haaptverkéierszäiten, datt et do och mutwëlles zu Staue kënnt. Wa mer gesinn, wat hei uewen um Kierchbierg passéiert, do ass e grouse Rond-point, wou et awer Megastaue moies gëtt. Do ass wierklech ze fäerten, datt dat e Schwaachpunkt an där Strooss do ass.

Dann hat ech mech gewonnert, Här Minister, datt mer et hei fäerdeg bruecht hunn, keen Tunnel ze bauen. Et deet engem bal leed, no all deene Pleiten, Pech und Pannen, déi mer mat eise sëllechen Tunnelen haten, hätte mer elo d'Chance gehat, vläicht eng Kéier een ze bauen, bei deem mer net op d'Nues gaange wären. Déi Gréng hätt et sécher arrangéiert, well mer jo da gréisstendeels ënnert dem Buedem bliwwé wären.

(Interruption)

Mä ech mengen d'Statskeess arrangéiert et éier, wa mer hei évitéieren en Tunnel ze bauen, dee mer net onbedéngt mussen hunn. Mir hätten eis gewënscht, dëst wär op anere Plazen och de Fall gewiescht.

Ee Wuert nach zu de Lärmschutzmoosssnamen. Mir sinn a bleiwen der Meinung, datt een en Deel Terrain laanscht Strooss soll reservéiere fir Bauschutt, wat erwisenermoossen nëmme Steng a Buedem ass vu propperer Qualitéit, fir do kënnen ofzelageren a fir do Lärmschutz kënnen ze maachen. Da schléit een zwou Mécke mat engem Schlag. Et géif ee kënnen eng ganz Partie där Déchets inertes do oflageren an et géif een an engems de Kaméidi vun den Uertschaften ewechhalen. Mir ass an der Kommissioun gesot ginn, dat wär schwéier mam Naturschutz vereinbar.

Ech muss soen, da soll emol ee mir erklären, ob déi Deponien, déi mer elo soss do ruechter an der Landschaft ariichten - an et gi jo scho Leit onglécklech gemaach mat all méigleche Plangen -, da méi naturschutzgerecht sinn, wéi hei, wann een en Hiwwel mécht an et beplantz een e mat Beam, déi dat herno schéi begréngen an déi de Kaméidi ewechhalen. Do gesinn ech net, datt dat net soll naturschutzgerecht sinn.

Domadder kommen ech zum Schluss: Kompenséieren a renaturéieren, dat ass alles schéin a gutt. De gesonde Mënscheverstand seet engem awer, datt all Quadratmeter, dee mat Makadam zougeluecht gëtt, net méi ermëzkréien ass. Da kann een aus enger schéiner Wiss, wou virdru Kéi drop gegraast hunn a Mëllech ginn hunn, Jénke maachen, wou Fräsche ronderëmsprangen, a mengen, et hätt een dann d'Natur verbessert.

Ech muss soen, och do géif ech mer heiansdo e bësselche méi eng pragmatesch Approche wënschen. Och kënnen mir net akzeptéieren, datt dann esou soidisant Kompenséierungsmoosssname gemaach ginn, wat awer a Wierklechkeet soss näischt ass, wéi wäertvollt Akerland a wäertvollt Wisen a Suppen ëmzewandelen, wou herno och nach Moustiquë fléien, déi d'Blozongekränké verbreedeen. Esou Kompenséierungsmoosssnamen op d'Käschte vun der Landwirtschaft kënnen mir jiddefalls net akzeptéieren.

Dat gesot, wäerte mer dësem Projet awer eis Zoustëmmung ginn, well mer gesinn, datt en noutwendeg ass.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Den Här Bauteminister Claude Wiseler huet d'Wuert.

» **M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics.*** - Merci, Här President. E puer generell Wierder, nodeem ech selbstverständlech dem Rapporteur fir d'zweet haut Merci gesot hu fir déi gutt Aarbecht, déi e geleescht huet. E puer Aussoen awer zu der Aart a Weis, wéi mer un d'Décisioune vum Stroossebau eruginn.

Et ass evident, datt alleguer déi Décisiounen, déi am Kader vum Stroossebau an deene leschte Jore geholl si ginn, deene Konzipter entspriechen, déi mer an der Landesplanung développéiert hunn. Eis Prioritéite sinn doduerch beaflosst an, ob mer Jo oder Neen zu engem Contournement oder zu enger Strooss soen, huelen all hir Argumentatiounen an deem landesplaneresche Konzept, wat Der am IVL erëmfant.

Et ass aus deem Grond, wou mer wëllen déi Verbindungsstroossen zwëschent deenen dräi grouse Polen - der Stad Lëtzebuerg an Esch, mat der Liaison Micheville, déi un d'Escher Autobunn ugebonne gëtt, mat der Nordstrooss, déi d'Nordstad mat der Stad Lëtzebuerg verbënnt - prioritär maachen. Et ass aus deem Grond, wou mer wëllen all déi Stroossen, déi an den Entwicklungszentre sinn, wéi Belval, wéi de Ban de Gasperich, wéi an Zukunft de Ban de Hollerich, wéi och déi Pläng, déi ausgeschafft gi si fir d'Entwécklung vun der Nordstad, datt mer do wëllen an Zukunft Stroosseféierung maachen.

Et ass aus deem Grond, wou Reflexioune gemaach ginn, wéi de Contournement vum Süden, vun Ettelbréck, vum Norden, vun Dikrech soll gemaach ginn. Et ass aus deem Grond, wou och déi Choixë vu Contournementer, wéi deen hei vu Jonglënster, wéi dee fréier vu Sandweiler, wéi deen och vu Miersch - well mir hunn eng Ouverture virun zwee Deeg gemaach vum Tunnel Gousselerbiërg, wat en fait en Deel-contournement vu Miersch ass, an ech hoffen, datt e Miersch och hëlleft an dem Verkéier dobaussen - gemaach ginn.

Esou ass et och mat den Aarbechte vum Plan sectoriel «Transports», wou ech grad esou gär hätt wéi Dir, datt en elo scho géif um Dësch leien; dat ass awer net esou evident. Mä et ass mat deenen dote Prinzipien, wou och dee Plan sectoriel «Transports» amgaang ass, ausgeschafft ze ginn.

Wa mer esou Projeten hunn, wéi dat hei, wou mer e Contournement vun enger Uertschaft maachen, dann ass dat, well mer wëllen, datt déi Uertschaft do, datt Jonglënster an Zukunft Entwicklungspotenzial kritt, méi kritt, wéi et es huet, datt mer Liewensqualitéit wëllen an déi Uertschaft erabrëngen, well mer mengen, datt déi sech kann an Zukunft entwéckelen, well mer déi zousätzlech Liewensqualitéit erabrëngen. Et ass aus deem Grond, wou mer net nëmmen e Contournement, mä och dohinner wëllen e Lycée setzen, dat heescht, öffentlech Infrastrukturen, déi also e ganz Konzept maachen an enger IVL-Entwécklung, an enger landesplanerescher Entwécklung, déi mer maachen.

Datselwecht Argument gëllt fir Miersch. Wa mer de Gousselerbiërg opgemaach hunn, wann dat als Contournement fir Miersch gëllt, setze mer och dohinner eng Rei Lycéeën iwwert de PPP, wat alles e Gesamtkonzept mécht a wat Sënn mécht, fir deenen Uertschaften eng Entwécklung duerch de Stroossebau op där enger Säit an op där anerer Säit duerch d'Infrastrukturen ze ginn, déi mer dohinner setzen.

A selbstverständlech, wa mer Stroossebau maachen, muss ee wëssen, datt e groussen Deel vum öffentlechen Transport, wou ech der Meenung sinn, datt dee prioritär muss entwéckelt ginn, an Zukunft iwwert d'Strooss wäert fieren. Dat ass esou an dat wäert och an deenen nächste Joren esou sinn. Och do muss mer Plaz maachen, och do muss mer Plaz reservéieren, datt a sech dee Verkéier ka lafen.

De Carlo Wagner huet probéiert mer ze bewisen, datt dat alles vill ze vill laang gedauert hätt - ech kommen elo vun der Madame Loschetter op den Här Wagner -, ier mer endlech un dëse Projet komm wären.

Här Wagner, et hätt een effektiv kënne de Projet virun zwee, dräi oder véier Joer vläicht, wa mer fäerdeg gewiescht wären, hei an der Chamber déposéieren a stëmme loossen. Mä elo froen ech lech éierlech: Wat hätt dat eis da gehollef, wa mer dat gemaach hätten?

Well elo feelen eis nach zwee oder dräi oder véier Terrainen, déi mer nach musse kafen, déi mer net kréien, a bis elo, bis Oktober oder November 2007, hat ech keen Expropriationsinstrument, fir kënne, wann et da muss sinn, déi Terrainen an de Besëtz vum Stat ze kréien. An ech baue keng Strooss méi, wa mer den Terrain net hunn. Ech soen lech dat ganz kloer, well d'Beispiller hu mer wat geschitt, wa mer dat maachen. Et hätt also kee Sënn gehat, d'Gesetz virun zwee, dräi Joer ze stëmmen.

(*Interruption*)

» **M. Carlo Wagner (DP).** - Et kann een net d'Terrainen 2004 schonn zesummen hunn. Et ass wahrscheinlech ze spéit ugefaange ginn. Ech hunn lech gesot, dass trotzdeem déi Planung schonn iwwer zéng Joer dauert.

» **M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics.*** - Et sinn eng ganz Rei Terrainen, déi mer schonn eng Zäitchen hunn. Anerer, muss ech soen, déi mer nach ëmmer net hunn, an datt mer déi, egal wéini mer ugefaang hätten, elo nach net hätten. Ech hoffen, duerch dat neit Expropriationsinstrument, datt mer déi dann elo relativ kuerzfristeg kënne an de Besëtz vum Stat kréien.

Wa mer deen Text virun dräi Joer stëmme gelooss hätten, dann hätt ech déi Problemer, déi mer ëmmer mat der Finanzéierung hunn, well ech net weess, wéi et geet bei engem Gesetz, wat ech 2004, 2005 stëmme loossen. Wann déi Strooss an deenen nächsten zwee oder dräi Joer elo gebaut gëtt, dann hunn ech wesentlech méi Schwierigkeeten, de finanzielle Volume an d'finanziell Enveloppe anzehalen, wat d'Distanz zwëschent dem Vote an der Realisatioun méi laang ass. Ech wollt dat och eng kéier soen.

Ech verstinn, datt een ongedëlleg ass. Ech sinn och all kéiers ongedëlleg, wann ech gesinn, datt duerch dat eent oder dat anert Argument e Projet am Déifbau oder am Héichbau, dee mer brauchen, net weidergeet. Mä hei hätt et eis net vill gehollef, dat méi fréi ze maachen.

Dir hat och de Réckbau vun der aler Trace ugeschwat. Dee muss selbstverständlech gemaach ginn. Mir hate mat der Madame Buergermeeschtesch vu Jonglënster och genügend Diskussiounen doriwwer. Dat ass e Projet, deen awer eréischt kann ugoen, wann deen hei Projet vun der Ëmgehungsstrooss fäerdeg ass a wou ech soen, datt mer en direkt hannendru mussen evidenterweis realiséieren.

Da kommen ech direkt op déi Fro, déi den Här Scheuer gestallt huet: Wat hu mer elo als Schikanen, wann dee Projet hei realiséiert gëtt?

D'Äntwert ass do, datt mer natierlech net am Atelier kënne d'Strooss bauen an dann innerhalb vun zwee Deeg op den Terrain implantéieren, dann hätte mer kee Problem. Dee Bau wäert ëmmer Problemer schafen. Elo ass deen hei Bau awer esou, datt déi Problemen awer net an deem Sënn esou riseg sinn, datt mer vill Déviatioune musse maachen an datt mer vill aner Saache musse maachen, fir de Verkéier an de Grëff ze kréien, well et ass just op de Punkten, wou et dann op de Rond-point drustéisst, wou mer eventuell déi eng oder aner Moosnam mussen huelen, fir de Verkéier anescht ze leeden, während de Rescht vun der Trace evidenterweis kann ouni Problem gebaut ginn.

Aus deem Grond muss mer natierlech och déi Jonglënster Streck, esou wéi se elo ass, oploossen, bis de Rescht fäerdeg ass, an eréischt da kënne mer de Réckbau hannendrunhänken.

Mir hunn ausgerechent, haut si mer op 17.000 Autoe ronn, déi do fieren. Also mir denken an de Pronosticen, datt mer der 12.000 dovunner ronn wäerten op dee Contournement kréien, datt der awer nach ëmmer 5.000 wäerten déi aner Trace huelen, well eben och an der Mëtt vu Jonglënster eng Rei Stroossen auserneeginn, fir op aner Destinationen ze fieren. Et ass och logesch, datt dee Verkéier natierlech och muss sech sai Wee sichen.

Da soen ech hannendrun, wat d'Prozedur ugeet, datt mer am Kader vun dem Gesetz iwwert de 97/11/CE amgaang sinn, mam Ëmweltminister zesummen, dee noutwendege Règlement grand-ducal ze finaliséieren, dee mer brauchen, fir d'Autorisationsprozedur komplett ze maachen. Par contre sinn hei an deem Projet de loi op der Säit 27 vun Ärem Text eng ganz Rei Moosnamen, déi an engem Kapitel „Environnement et aménagement du territoire“ stinn, wou et ëm Tranchéeë geet, ëm d'Buts antibruit geet, ëm Bassins de rétention geet an ëm aner Mesures de compensation, déi deelweis hei opgezielt ginn, mat engem Total vu 5,7 Milliounen Euro, déi also am Gesetz hei mat virgesi si fir dat, wat mer un der Natur do maachen, deelweis kënne dann op eng aner Aart a Weis erëm hierzestellen.

Et ginn eng ganz Rei Buts antibruit gemaach, déi och boiséiert ginn. Elo ass et esou, datt dat, wat hei ewechgeholl gëtt - wann ech just deen do Aspekt huelen -, net vill Bësch ass respektiv net vill Beem sinn, well der net vill do an där Géigend sinn, an de Reboisement, dee mer wäerte maachen op deene verschiddenen Terrainen, déi dofir virgesi sinn, wäert sécherlech am Potenzial wäit iwwert deem sinn, wat mer mussen ewechhuelen.

(*Interruption*)

Da kommen ech op d'Motioun vun deene Gréngen, wou ech Schwierigkeete selbstverständlech domadder hunn, well Der hei eng ganz Rei vun deene Contournementsprojeten an de Considéranten opzielt an dohinnerstellt, wéi wa se wierklech net noutwendeg wieren.

Do kënnt eng Diskussioun, do kënnt eng Prozedur am Kader vum 97/11 mat deene verschiddene Varianten, déi mer wäerten hierstellen, mat deene verschiddenen öffentleche Prozeduren, déi musse gemaach ginn, déi eis dann en fin de compte déi Décisioun mat alle Studien, déi mer dofir brauchen, wäert op där enger oder op där anerer Säit méiglech maachen.

Ech mengen, dat, wat Dir am Invite frot, deen éischten Tiret, ass de toute façon eppes, wat d'Gesetz eis automatesch haut fret. Dofir ass deen Tiret iwwerflësseg oder ass d'Motioun iwwerflësseg.

An deen zweete Punkt - à présenter ces analyses dans le cadre des discussions et décisions parlementaires -, wann een et esou fret, dann ass et natierlech, wa mer an enger Gesetzesprozedur sinn, zu engem falschen Zäitpunkt, fir doriwwer ze diskutéieren, well et esou ass, datt déi ganz Décisionsprozedur, déi jo eng beschriwwe Prozedur ass, déi mat öffentlechen Unhéierungen, mat öffentlechen Diskussiounen stattfënnt, selbstverständlech wäit virdu muss stattfannen, ier mer zur Décisioun kommen, wat fir eng Trace, wéi et gemaach gëtt, an da kënnt jo déi ganz Ausaarbechtung vum Projet, wat jorelaang Aarbecht zu engem Deel eréischt ass, an da gëtt de Gesetzesprojet finaliséiert an da komme mer an d'Chamber. Esou datt et sécherlech net an deem Moment ass, wou esou eng Diskussioun an der Chamber muss stattfannen.

Déi Diskussioun muss stattfannen initialement, wa mer déi ganz Projézéierung vun der Planification générale maachen, eventuell am Kader vun enger Diskussioun, déi heibannen iwwer e Plan sectoriel «Transports» stattfënnt, wou iwwert d'Nécessitéit oder d'Netnécessitéit vun eppes muss geschwat ginn, mä sécher net zu deem Zäitpunkt hei, wou all Viraarbechten an all Décisiounen schonn duerch sämtlech Prozedure gelaf sinn, déi am Gesetz 97/11/CE virgesi sinn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a fir déi gutt Aarbecht, déi an der Kommissioun gemaach ginn ass.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5764 ass ugeholl mat 48 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Christine Doerner), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Thiel), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par Mme Martine Stein-Mergen), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc

Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Clement), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich (par M. Ben Fayot), Ben Fayot, Roger Negri, Jos Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass et esou décidéiert.

Motion 1

D'Motioun, déi déi Gréng abruecht hunn, stëmme mer elektronesch of.

Vote

D'Motioun ass ofgelehnt mat 46 Nee-Stëmmen, bei 7 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Lucien Clement), Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par M. Marc Spautz), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Thiel), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Ben Fayot), Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), M. Ben Fayot, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri et Jos Scheuer; MM. Eugène Berger (par M. Charles Goerens), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Mir kommen elo zum Projet de loi iwwert de Bau vun engem Lycée zu Jonglënster. Déi Häre Wagner, Scheuer, Mehlen an d'Madame Loschetter, grad wéi virdrun, sinn ageschriwwen, a grad wéi virdrun ass den honorabelen Här Lucien Clement Rapporteur. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

(***Interruption et hilarité***)

» **M. Lucien Clement (CSV).** - Merci, Här Jaerling.

» **M. le Président.** - Iwwert dëse Projet de loi gëtt muer de Mëtteg am Ufank vun der Sitzung ofgestëmmt. Här Clement, Dir hutt d'Wuert!

10. 5765 - Projet de loi relatif à la construction d'un Lycée à Junglinster

Rapport de la Commission des Travaux publics

» **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo zu deem zweete wichtege Projet, dee Jonglënster ugeet. D'Antécédenten erspueren ech lech alleguerten, well et sinn hoergenee déiselwecht wéi beim Projet virdrun. En ass deeselwechten Dag déposéiert ginn. Alles ass d'nämlech wéi beim Projet vu virdrun.